N°470
Entrée le 15.04.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden op d'parlamentaresch Fro n°470 vum honorabelen Députéierte Marc Goergen zum Sujet « flotte de véhicules électriques de la Police grand-ducale »**

**Fro 1**

Aktuell huet d'Police 34 elektresch Gefierer an hirem Fuerpark. Et wäerten nach 3 Autoen vun der Ausschreiwung vun 2023 dobäi kommen.

**Fro 2**

D'Evolutioun vum Elektro-Fuerpark iwwert déi lescht Joren ass follgend :

| Joër | Acquisitioun pro Joër | Evolutioun vum ganzen Fuhrpark |
|---|---|---|
| 2017 | 2 | 2 |
| 2018 | 4 | 6 |
| 2019 | 0 | 6 |
| 2020 | 8 | 14 |
| 2021 | 6 | 20 |
| 2022 | 10 | 30 |
| 2023 | 4 | **34 (+ 3 livrés 2024)** |

**Fro 3**

Am Joer 2024 gi weider 6 elektresch Autoen ausgeschriwwen. Fir d'Joer 2025 sinn nach emol 6 elektresch Autoen an den Ausschreiwunge virgesinn. Weider Previsioune ginn et keng.

**Fro 4**

De Pilotprojet ass ofgeschloss. Aus dësem Projet geet ervir, dass de Fuerpark vun der Police an den nächste Jore mat elektreschen Autoen erweidert gëtt fir déi Servicer, déi normal Deplacementer maachen.

Aktuell ass et awer nach net méiglech, adäquat elektresch Autoe fir de gezeechente Police-Fuerpark ze fannen, déi et méiglech maachen dat komplett Police-Equipement an der Mall ze verstauen. Dozou kënnt, dass déi autoriséiert maximal Charge vum Auto duerch d'Police-Equipementer riskéiert iwwerschratt ze ginn.

D'Reechwäit esou wéi d'Opluet-Zäit an ee Verloscht u Puissance (Bridage) wann d'Batterie schonn zum Deel entluet ass, entspriechen aktuell net de Besoine vum alldeeglече Police-Déngscht.

Lëtzebuerg, de 15. Abrëll 2024
Den Inneminister
(s.) Léon GLODEN